



Groupe parlementaire

Dépôt: Jeff Engelen

Lëtzebuerg, de 27. Abrëll 2023

## MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- déi gesetzlech Grenz vun 78 Krankheetswoche fir schwéier krank Mënschen eng existenziell Menace duerstellt, well hinnen no dëser Frist den Ausschloss aus der Sozialversécherung droht;

ass sech bewosst, datt

- et am Joer 2023 nimméi ka sinn, datt Mënschen, déi aus triftige Grënn iwwer laang Siicht net kënnen schaffe goen, duerch dat soziaalt Netz falen;

fuerdert d'Regierung op,

- déi gesetzlech Grenz vun 78 Wochen ofzeschaffen an ze ersetzen duerch e Modell, dee garantéiert, datt schwéier krank Leit entweder esou laang kënnen krankgeschriwwen bleiwen, bis si nees geneese sinn, oder iwwert e regelméissege Monitoring vum Gesondheitszoustand eng aner Léisung fir si fonnt ka ginn (Reclassement, provisoersch oder definitiv Invalidérent oder Altersrent), woubäi de gesondheetleche Monitoring iwwert de Contrôle médical vun der Sécurité Sociale lafe misst;
- donieft, nom Beispill vun der Commission mixte de reclassement, e speziellen Organe de suivi ze schafen, deen op Avis vum Contrôle médical iwwert de weidere Suivi vum Versécherter sengem Dossier statutéiert mam Zil, datt zu all Moment seng Sozialversécherung bestoe bleift.